N°2002
Entrée le 03.03.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 03.03.2025
Chambre des Députés

PIRATEN
SENSIBILITĒ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 03/03/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Aarbecht weiderzeleeden.**

Kënschtlech Intelligenz a Robotiséierung sinn, wat déi technesch Entwécklung um Aarbechtsmaart ugeet, 2 vun de groussen Tendenzen déi aktuell an och an noer Zukunft wäerte fir Verännerunge suergen. Och op Regierungsniveau gëtt ëmmer erëm betount wéi wichteg dës Entwécklunge si fir déi national Kompetitivitéit an d'Produktivitéit. Och wann am Beräich vun der Robotiséierung iwwer Formatiounen eng bestëmmten Unzuel u Leit wäerte kenne wieder beschäftegt ginn, geet duerch dës Entwécklung de Besoin u mënschlecher main d'oeuvre a ville Beräicher erof, zum Beispill an der Industrie. Dëst ass esou viru Joerzéngten och an der Autosindustrie geschitt. Wann dës Tendenz sech an noer Zukunft bestätegt, huet dat och Auswierkungen op den Aarbechtsmaart zu Lëtzebuerg, sief et um Niveau vum Chômage oder och zum Beispill um Niveau vun de Cotisatiounen.

An deem Zesummenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt op iergendeng Manéier erfaasst oder projezéiert wéi vill Aarbechtsplazen ersat oder op mannst à risque sinn an noer Zukunft ?
2. Gëtt op iergendeng Manéier erfaasst oder projezéiert wéi een Impakt dat um Niveau vun de Cotisatiounen huet an noer Zukunft ?
3. Gëtt et säitens dem Ministère en Austausch mat de Gewerkschafte betreffend dëse Punkten ?  A falls jo, wat sinn d'Konklusiounen déi an dësem Kontext bis elo konnte gezu ginn ?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten